Newsletter

01/2024

Natur genéissen

NEI PRODUZENTEN

Wéi am leschten Newsletter vu September 2023 ugekënnegt, presentéiere mir iech no an no déi eenzel Betriber, déi nei am Projet mat dobäi sinn. Folgend Betriber hunn d'Konventioun mat den 3 Naturparken ënnerschriwwen.

Den Haff Claude Heuertz zu Bruechtebaach

De Claude Heuertz huet de Familljebetrib 2010 vun den Elteren iwwerholl. Haut féiert hien niewent der Mëllech- och eng Rëndfleeschproduktioun um Bauerenhaff zu Bruechtebaach am Naturpark Our. *Natur genéissen* huet de Claude an enger Reunioun mam SICONA fir d'éischte Kéier kennegeléiert.

Dass dëse Projet bei hien a säi Betrib passt, war him vun Ufank u kloer. Sou huet de Claude scho laang viru sengem Engagement bei *Natur genéissen* mat de lokale Maison-relaisen zesummegeschafft a souguer reegelméisseg Schoulklassen op sengem Haff empfaangen.

Offiziell Deel vum Projet ass de Claude Heuertz säit Abrëll 2023. Hei vermaart hien d'Fleesch vu senge Limousin-Béischten.

Den Haff Miny zu Liljen

Nach net vill méi laang wéi ee Joer ass et hir, dass de Felix Miny sech d'Zil gesat huet, den ale Betrib vu sengem Bop – dem John Dahm – nees opliewen ze loossen. De Betrib war fréier wäitleefeg fir seng Hunnegdrëpp bekannt. De Felix huet decidéiert, den Ubau vu Geméis an Uebst an d'Opzuucht vu Béischte vun der Rass Angus zum Schwéierpunkt vum Lilienhaff, deen an der Gemeng Rosport-Mompach am Natur- & Geopark Mëllerdall läit, ze maachen.

Ënnerschriwwen huet de Felix seng Konventioun fir Natur genéissen am Mee 2023. Hei wëll hien an Zukunft esouwuel säi Geméis, ewéi och säi Fleesch op d'Tellere vun de lokale Maison-relaisen bréngen. Mat Wäerter vun 3,5 % bei de Strukturelementer a souguer 6,6 % bei den naturnoë Flächen hunn déi duerchaus héich Ufuerderunge vun Natur genéissen dem jonke Bauer a sengem nach méi jonke Betrib näischt ausgemaach.

SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark

Newsletter

01/2024

Den Haff Koos zu Iischpelt

De Betrib vum Roland Koos ass eppes ewéi en Aushängeschëld fir den Naturpark Öewersauer. De konventionellen Haff zu Iischpelt an der Stauséigemeng ass net just Deel vum Label *Véi vum Séi*, ma mécht och mat bei der Initiativ *Käre vum Séi*. Säit 2010 ass den Haff an der Hand vum Roland, dee mat Häerz a Séil Mëllech sträicht a Fleeschbéischten ziicht. Ganz interessant ass och, dass d'Jonge vum Haff sech rezent an hiren eegene Projet gestierzt hunn a mëttlerweil Eeër a Grompere selwer vermaarten.

Deel vun *Natur genéissen* ass de Roland Koos elo zënter Februar 2023. Mat 4,4 % Strukturelementer a 16,7 % naturnoë Flächen hat den Haff Koos den Haaptkrittär Naturschutz vun *Natur genéissen* séier erfëllt. Och Aspekter wéi eng GMO-fräi Fidderung - déi notamment fir konventionell Betriber oft eng Ëmstellung bedeit - erfëllt de Betrib.

Den Haff Georges Pierrard zu Kaalber

De Betrib zu Kaalber am héije Lëtzebuerger Norden huet de Georges Pierrard am Joer 2007 vu sengem Monni iwwerholl. Deemools gouf eng reng Ackerlandwirtschaft bedriwwen, haut konzentréiert sech den Haff komplett op d'Mammekouhhaltung vun Aubrac- an Highland-Ranner. Viru gutt 3 Joer huet de Georges säi Betrib op Bio ëmgestallt.

Konventionéiert ass de Biobetrib säit Dezember 2022. Och fir hie waren d'Natur genéissen Bedingungen zu Strukturelementer (6,4%) an naturnoë Flächen (38,4%) absolut kee Problem.

Weider *Natur genéissen* Betriber ginn an der nächster Newsletter no an no virgestallt.

Newsletter

01/2024

MAISON-RELAISEN

Zum Joresufank 2024 gi mir iech gären ee Réckbléck zu der Entwécklung vun der Unzuel vu Menüen am Joer 2023 vun de Service d'éducation et d'accueil (SEA), déi bei *Natur genéissen* matmaachen.

2023 sinn insgesamt pro Dag 12 158 Menüen an den *Natur genéissen* Maison-relaisen a Crèchen nom *Natur genéissen* Cahier des Charges gekacht ginn. Vergläicht een dat mat den Zuele vun 2021 (Total: 9 483) ass dat ee Plus vun 22 %.

An de Gemenge vun den 3 Naturparken (Naturparken Öewersauer, Our an Natur- & Geopark Mëllerdall) sinn 2023 360 Menüe pro Dag no de Krittäre vun *Natur genéissen* gekacht ginn. Dës Zuel wäert weider klammen, well 2024 zousätzlech konventionéiert Gemenge mam Projet ufänken. An den Gemenge vu SICONA ginn aktuell an de Maison relaisen 11 798 Menüe pro Dag gekacht.

Déi klengst SEA kacht 60 Menüen,déi gréissten 1 790 Menüe pro Dag.

RÉCKBLÉCK

Nature for people – People for Nature 2023

2023 ware mir am Kader vun *Nature for people* direkt ob 3 *Natur genéissen* Betriber op Besuch. *Nature for people* sinn Aktivitéiten an Excursiounen, organiséiert vun SICONA fir grouss a Kleng ronderëm Theme vun eise Landschaften, verschidden Deieren- a Planzenaarte wéi och verschidde Schutzprojeten.

1. Um Kopphaff

Den Ufank huet de Kopphaff zu Wickreng am Juni gemaach. Den interesséierte Léit ass de Projet *Natur genéissen* erkläert ginn an dono hunn de Ben Majerus an d'Mara Lang iwwer hiren Haff gefouert. Gestart ass

de Grupp bei der Mammekou-Häerd vun der Fleeschrass Limousin, woumat de Betrib och reegelméisseg ob Ausstellunge fir Zuuchtvéi geet an eng sëllege Präisser gewënnt. Weider ass et du bei d'Schwäi gaangen, déi dobausse gehale gi: Bunte Bentheimer, eng al Schwéngsrass, déi ee kaum nach ob Betriber fënnt. Den Tour ass weider duerch hire Bongert gaangen an uschléissend gouf et ee klenge Maufel.

1. Um Betrib Zimmer

Am September goung et dann ob de Betrib Zimmer vun Tënten. De jonke Bauer Christian Zimmer huet d'Participanten empfaangen an huet di rezent Ëmstellung vum Mammekou-Betrib op biologesch Landwirtschaft erkläert. Um Ufank vum Tour hu mir eis verschidden Notzfläche vum Betrib méi genau ugekuckt. Als éischt eng Weed wou dee gréissten Deel vun der Limousin -Häerd am Schied ënner enger décker Eech versammelt war,duerno Kléigrasflächen, Méiwisen an och Akerstécker. Zeréck um Betrib ass nach d'Roll vum Projet *Natur genéissen* fir d'Landwirtschaft, den Naturschutz an d'Ernierung ugeschwat ginn. Eng gutt Dose Leit aus der Gemeng haten eis Aluedung ugeholl a hunn interesséiert Froe gestallt.

2. Um Betrib Kraus-Hoffelt

Den Ofschloss huet den Nature for people um Betrib vun der Famill Kraus-Hoffelt zu Garnech gemaach. Eng jett Eltere si mat hire Kanner ob dës Aktivitéit komm fir bei perfektem Hierschtwieder dovunner ze profitéieren de Betrib kennenzeléieren, Äppel an de klenge Bongert vun der Famill raafen ze goen an dono eppes Leckeres ze kachen.

Um Wee fir an de Bongert si mer laanscht den Trapp Limousin Ranner gaang an den Här Kraus huet erzielt, wat genee seng Ranner ze friesse kréien. Am Bongert ukomm ass ee Spill mat de Kanner an den Eltere gemaach ginn. Nom Spill

goufen Äppel geraf, mat deenen derno “Fruchtleder” gemaach gouf. . “Fruchtleder” ass méi eng gesond Alternativ zu Kamellen.

Produzenteversammlung

SICONA an d‘Naturparken invitéieren d‘Natur genéissen Produzenten all Joer ob eng Produzentenversammlung. Dës Kéier war d’Versammlung den 23. November am Centre culturel zu Schous an der Gemeng Fëschbech. Ëm déi 30 Produzentinnen a Produzenten a Partner vum Projet waren der Aluedung nokomm. Dës reegelméisseg Versammlung soll den Austausch tëschent de Produzenten an de Verantwortlechen vum Projet förderen. Et gouf ee Réckbléck op rezent Entwécklungen an Neirungen am Projet gemaach an och een Ausbléck op geplangten Entwécklunge geworf. D‘Veranstaltung ass ofgeschloss ginn mat engem Patt an engem klenge Maufel.

© C. Martin

Newsletter

01/2024

Natur genéissen

AGENDA

Samschden, 13.04.2024 - 14:30-17:00

Fir *d'Nature for People* Aktivitéit an der Gemeng Dippech si mir um *Natur genéissen* Betrib vun der Famill Thiry. Geplangt ass de Besuch vum Betrib an vun der haffeegener Molkerei. Dono gëtt zesummen mat den Produiten vun der Molkerei eppes Leckeres virbereet. Dës Aktivitéit ass fir Famille mat klenge Kanner.

Sonndes, 14.07.2024 - 14:30-17:00

Bei dëser Excursioun besiche mir den *Natur genéissen* Betrib vun der Famill Kleer zu Iewerleng. Bei engem Spadséiergank iwwert de Flouer kitt een Erklärungen zum Zesummenhang vu Landwirtschaft a Landschaft, mat Fokus op den Naturschutz.

Samschdes, 21.09.2024 - Moies (Auerzäit steet nach net fest)

Am Kader vun der *Nature for people* Aktivitéit ass de Besuch vum *Natur genéissen* Betrib vum Thierry Garlemant „Koulbicher Uebst a Geméis" geplangt. Hei gëtt ee méi gewuer wat de Betrib fir ënnerschiddlech Geméiszorten ubaut, wéi hie wirtschaft a wat genee de Betrib am Beräich vum Naturschutz ëmsetzt.

Méi Infoen zu allen *Nature for People* Aktivitéiten 2024 fannt dir **demnäscht** um Internetsite:

Nature for People

SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark

Newsletter

01/2024

ⓘ GUTT ZE WËSSEN

Nei Partner

Natur genéissen begréisst seng nei Partner, déi eng Konventioun am Kader vum Projet ënnerschriwwen hunn. Dozou gehéieren d'Schluechthaus Ettelbréck, d'Metzlereien Niessen, Salaisons Meyer a La Provençale, Bio-Ovo, déi *Natur genéissen* Bio Eeër verpaken an Naturlëtz, déi *Natur genéissen* Grompere schielen a fäerdeg fir de Gebrauch an den SEA maachen.

Mir wënschen een schéint neit Joer a bis geschwënn !